



Sommaire

- 6118 - Projet de loi relative à la sécurité des jouets
 - Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire: M. Alex Bodry
 - Discussion générale: M. Félix Eischen, M. André Bauler (dépôt d'une motion), M. Jean Huss, M. Jean Colombara
 - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Motion 1: M. Jean Huss
 - Vote sur la motion (adoptée)
- Dépôt d'une motion par M. Lucien Thiel
 - M. Lucien Thiel
- 6135 - Projet de loi établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits liés à l'énergie et modifiant la loi du 19 décembre 2008 établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie
 - Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire: M. Claude Haagen
 - Discussion générale: M. Eugène Berger
 - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6203 - Projet de loi fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques et modifiant
 - la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementant l'octroi des indemnités de chômage complet;
 - la loi modifiée du 23 décembre 2004 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés;
 - la loi du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité;
 - la loi du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Gilles Roth
 - Discussion générale: M. Xavier Bettel, M. François Bausch (dépôt d'une motion), M. André Hoffmann
 - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
 - M. François Bausch (parole après ministre)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Motion 1: M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, M. François Bausch
 - Vote sur la motion (rejetée)
- 6153 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2009
 - Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire: M. Félix Braz (dépôt d'une motion)
 - Discussion générale: M. Fernand Etgen, Mme Lydia Mutsch
 - M. Luc Frieden, Ministre des Finances (M. Félix Braz lui répond au sujet de la motion)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Vote sur la motion (adoptée)
- 6223 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2009
 - Rapport de la Commission des Comptes: M. Carlo Wagner
 - Vote sur la résolution (adoptée)
- Résolution approuvant les comptes de la Cour des Comptes pour l'exercice 2009
 - Vote (résolution adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden et Jeannot Krecké, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

► **M. le Président.** - Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut hu mer de Projet de loi 6118 iwwert d'Sécherheet vun de Spillsaachen. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eischen, Bauler an Huss. D'Wuert

huet elo de Rapporteur vum Projet, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

1. 6118 - Projet de loi relative à la sécurité des jouets

Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Alex Bodry** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet dréit et sech ëm en Text, deem d'Zil huet, fir d'Sécherheet vun de Spillsaachen ze verbessern an op europäeschem Plang ze harmoniséieren. Et handelt sech dobäi ëm d'Ëmsetzung vun

enger europäescher Direktiv vum 18. Juni 2009, déi spëtstens bis Enn Juli 2011 an dat nationaalt Recht vun deenen eenzelne Memberstate muss ëmgësat ginn.

Et ass also hei trotzdeem bemierkenswäert, dass mer e bëssen ofwäiche vun enger méi allgemenger Tendenz, dass mer Problemer hunn, fir an den Délaïen ëmzesetzen. Ech mengen, deen heiten Text, esou wéi alles ausgesäit - ausser d'Chamber géif haut anescht decidéieren -, misst also virun dem Délaï ëmgësat ginn, wat sécherlech och gutt ass wéinst der dach awer Wichtigkeet an och der praktescher Essenz, déi deen heiten Text wäert hunn.

De Wirtschaftsminister huet dee Projet hei den 8. Mäerz vun dësem Joer an der Chamber deponéiert. En ass och aviséiert ginn, net nëmme vum Statsrot, mä och vun der Handwierks- wéi och vun der Handelskummer, déi sech grosso modo natierlech mam Inhalt averstanen erkläert hunn.

Et muss awer bemierkt ginn, dass besonnesch d'Handelskummer op d'Problematik higewisen huet, dass se mengt, dass heiderger gëfen op hir Memberen nei administrativ Chargen zoukommen. Ech gesinn dat zwar net direkt, wat dat konkret eigentlech wär. Virun allem hu se awer och bemängelt, dass hei géife penal Sanktiounen an deem heiten Text stoen. Si sinn der Meinung, dass dat hei keen Domän fir d'Stroferecht ass.

Ech muss soen, wann et awer hei ëm d'Gesondheet vun de Kanner geet, däerf een awer déi Fro stellen, ob d'Handelskummer hei richtig läit mat hirer Appréciatioun an deem heite konkrete Fall. Sécherlech gëtt et Grënn an eenzelne Beräicher, méi mat administrative Strofen ze schaffe wéi iwwer penal Strofen, déi och da mat penale Prozeduren ze dinn hunn. Mä ech mengen dach an deem heite Fall - an ech denken, dass ech do kann am Numm vun der gesamter Wirtschaftskommissioun schwätzen -, dass et hei awer Sënn mécht, fir an deem spezifesche Fall hei awer nieft administrative Strofen och penal Strofe virzege-sinn, well hei handelt et sech net onbedéngt ëm Kavaléiersdelikter. Wann ee wës-sentlech geféierlech Spillsaachen en Ëmlaf setzt respektiv verkeeft, da muss een do och noutfalls Verantwortung droe virun de Stroferichter. Dat ass op jidde Fall d'Mee-nung vun eiser Commissioun.

De Conseil d'État huet eng ganz Rëtsch vun Textännerunge proposéiert, déi méi stilistescher Natur sinn, wou si sech rich-ten un eng Eent-zu-eent-Ëmsetzung vum Text vun der Direktiv, dat heescht, dass een also och déi Wieder gebraucht prak-tesch, déi an der Direktiv sinn, fir do eng rechtssécher Ëmsetzung ze hunn.

Ech mengen, d'Kommissioun hat keng Schwierigkeeten, all déi Amendementer ze akzeptéieren. Mir hate just d'Diskus-sioun ronderëm een Amendment, wou et nach eng Kéier hin- an hiergaangen ass mam Statsrot, a wou mer elo - mengen ech - op deem dote Punkt och eng korrekt Formulatioun fonnt hunn.

Dëst Gesetz, dat neit Gesetz ersetzt e Rè-glement grand-ducal. Dat ass eigentlech och onüblech, erkläert sech allerdéngs do-duerjer, dass hei zu Lëtzebuerg während laange Joren eng ganz Rëtsch vu méi tech-neschen europäeschen Direktiven iwwer Règlement grand-ducal ëmgësat si ginn opgrond vun enger Loi habilitante, déi dat do méiglech gemaach huet.

Et huet sech awer erausgestallt, dass déi Transpositioun iwwert de Wee vun engem groussherzogleche Reglement mat enger ganzer Rëtsch vu Rechtsónsécherheete verbonnen ass, well et eng ganz Rei vun Domäne gëtt, wou d'Verfassung jo seet, dass dat en Domaine réservé à la loi ass, wou also net kann d'Regierung iwwer eng Décisioun vun hinnen dat regelen.

Dat gëllt zum Beispill fir de ganze Strofe-mechanismus. Eng Strof däerf eigentlech nëmmen iwwer Gesetz festgehalé ginn, an duerfir ass eigentlech dee sécherste Wee, fir keng Schwierigkeeten ze hu vu Contes-tatiounen herno, wat eenzel Normen

ugeet, dass een hei iwwert de Wee vum Gesetz geet, well mer et hei och mat engem Domän ze dinn hunn, dat vun der Liberté de commerce et de l'industrie, déi hei agëenkt gëtt duerch deen heiten Text, wat och normalerweis en Domän ass, wou ee muss iwwer Gesetz regelen, wou een net däerf iwwer Règlement grand-ducal regelen.

Ech mengen, et gëtt eng ganz Rëtsch vu Grënn, firwat elo systematesch an deenen dote Beräicher, wou d'Wirtschaft tangéiert ass, wou et schonn ëm technesch Froe geet, mä wou awer och Froe vu Sanktiou-nen hannendrustinn a vun Aschränkunge vun der Handelsfräiheet, dass een do iwwert de Wee vun engem Gesetz sollt fueren, an d'Regierung mécht dat. Duerfir muss also hei e Gesetz gestëmmt gi vun der Chamber. An an enger zweeter Phas muss d'Regierung dohinnergoen an deen ale Règlement grand-ducal iwwer Règle-ment grand-ducal ofschafen, net dass mer op eemol zwee verschidden Texter niewentenee funktionnéieren hunn.

Déi Direktiv hei, déi et ëmzesetze gëllt, ass eng Direktiv, déi wéi gesot op d'Joer 2009 zrëckgeet. Déi al Direktiv, déi bis elo gëllt an déi mer iwwert dat Règlement grand-ducal vun '92 ëmgësat hunn, geet eigent-lech schonn op d'Joer 1988 zrëck, sou dass eigentlech awer 21 Joer vergaange sinn të-schent där enger Direktiv an där anerer Di-rektiv.

An deene méi wéi 20 Joer natierlech huet sech d'Welt, a besonnesch och d'Spillsaa-chewelt liicht verännert. Et si ganz aner Spillsaachen haut um Marché wéi dat nach virun e puer Joer de Fall war. Ech mengen, d'Elektronik haaptsächlech huet e ganz staarke Maartsegment eigentlech besat an deene leschte Joren. Dat geet och fulgu-rant weider an déi dote Richtung. Eleng aus där Iwwerleeung, well sech eben och d'Zort vun de Spillsaache geännert huet, hir Charakteristika anerer sinn haut, ass et wichteg, dass och eis legal Texter, déi probe-rieren de Rumm ze setze vun där Aktivi-téit do, och der Realitéit ugepasst ginn.

Dat ass also sécherlech en Haaptgrond, fir-wat dass op europäeschem Plang déi Dis-kussioun ronderëm eng nei Spillsaachen-direktiv ugefaangen hunn.

Et geet also och drëm, dat däerf een net vergiessen, nieft engem gewëssen Niveau vu Sécherheet, wat d'Kannerspillsaachen ugeet - an hei si Spillsaache viséiert, déi fir Kanner eigentlech do si bis 14 Joer, dat ass de Champ d'application vun der Direktiv, also och vun deem heite Gesetzesprojet -, geet et drëm also, fir e gewëssen Niveau vu Sécherheet ze garantéieren, mä awer och - dat däerf een net vergiessen - Barriè-ren ewechzekeréien, wat d'fräi Zirkulatioun vun de Wueren, an dësem Fall vun de Spillsaachen, an Europa ugeet.

Et ass also och eng Bannemaartdirektiv souzesoen, déi hei geholl gëtt. Et geet also och drëm, fir den Handel ze vereinfachen, mä awer gläichzäiteg sécherzestellen, dass en héijen Niveau vu Protektioun do ass fir d'Kanner, déi mat deene Spillsaache spillen, déi deene Spillsaachen ausgesat sinn.

Mir sinn eis - mengen ech - alleguerten eens, dass et weider wichteg bleift an där heiter Matière, dass een do eenheetlech europäesch Regelungen huet. Et kann ee sech net virstellen, dass all Land géif seng eenzel Regeln hei festsetzen, wou och d'Gefor wier, dass eng Rei vu protektionis-tesche Regele mat derbäi wären, mä et muss ee schonn hei garantéieren, wa mer europäesche Bannemaart denken, dass, och an deem heite Fall vun de Kannerspill-saachen, also do eenheetlech Regeln, Sé-cherheetsnormen ze gëllen hunn, kombi-néiert natierlech mat wierksame Kontrol-len, déi musse kënnen duerchgeféiert ginn an deenen eenzelne Memberstaten, a kombinéiert och mat engem schnellen In-formatiouns-austausch, dee muss këne stattfannen, soubal eppes festgestallt gëtt, wat net klavéiert.



Soubal also festgestallt gëtt, dass eenzel Spillsaachen net den europäesche Sécherheetsstandarden entsprechen, muss dat schnell kënnen matgedeelt ginn an déi aner Länner, déi da mussen derfir suergen, dass dat bis op den Handel erfënkent, fir dass déi kënnen definitiv och aus dem Handel zrëckgezu gi respektiv zousätzlech Kontrolle stattfannen.

Déi nei Direktiv mécht et also méiglech, fir der technologescher Entwécklung bei de Spillsaache Rechnung ze droen. Si hält eng Rei vun Onzoulänglechkeeten ewech an deem ursprénglechen Text vun 1988. A si dréit och enger ganzer Rëtsch vu berechtigter Préoccupatioun Rechnung, déi vun de Konsumenten ugefouert gi sinn an deene leschte Joren.

Dass dat net vu Muttwëll ass, hei wëlle Verbesserungen erbäizeféieren, dat ergëtt sech och aus der rezenter Vergaangenheet. Jiddwereen erënnert sech un eng ganz Rëtsch vun internationale Skandalen, déi opgedeckt si ginn an de Joren 2007, 2008, wou eng grouss Firma - Mattel, fir se net ze nennen - huet missen honnertdausenden, Milliounen vu Spillsaachen eigentlech zrëckzéien aus dem internationale Marché, well déi Spillsaachen Defekter opgewisen hunn, déi hätte kënnen Auswierkungen op d'Gesondheet vun de Kanner hunn. An och rezenterweis kommen ëmmer erëm esou Aktiounen vir vun also defectueise Spillsaachen, déi mussen zrëckgezu gi vun de Marchéen.

Et ass wouer, dass oft dat am Zesummenhang gesi ginn ass mat de Spillsaachen, déi net an Europa, mä notament a China produzéiert gi sinn. Do heescht et also, weider vigilant bleiwen, wat d'Opsicht vun deem Spillsaachemaart hei an Europa ugeet.

Méi rezenterweis - mengen ech - ass ze bemerken, dass d'Stiftung Warentest an Däitschland Tester duerchgefouert hunn, net no europäeschen Normen, mä Normen, déi si sech selwer ginn hunn, a wou erauskomm ass, dass vun 80 Spillsaachen, déi si kontrolléiert hunn, hiren Norme just eigentlech fënnf Spillsaachen entsprach hätten. Dat heescht also schonn, dass do e seriöse Problem besteet. A souguer so se, déi Spillsaachen, wou e Biolabel dru war, dat waren och net onbedéngt déi, déi besser ofgeschnidden hu wéi aner. Also, do ass e seriöse Problem vu Kontroll vun Etikettage, deen och an deem dote Beräich besteet.

Wat sinn elo déi eenzel Verbesserungen, déi deen heite Gesetzestext, dat heescht also d'Direktiv, soll bréngen par rapport zu der aktueller Rechtssituatioun hei zu Lëtzebuerg an an der Europäescher Unioun?

Et gëtt hei probéiert, déi eenzel wirtschaftlech Acteure besser ze responsabiliséieren: de Produzent iwwert de Verdreiwer bis hin zum Verkeefer. Et geet drëm, fir eng Verbesserung ze kréien, wat d'Sécherheitsufuerderungen ugeet, besonnesch wat déi physisch an déi mechanesch Propriétéite vun de Spillsaachen ugeet. Wat hir Feierfestegkeet ugeet, wat och déi chemesch Eegeschafte vun eenzelne Spillsaache befreit.

Da gëtt séchergestallt, dass, ier d'Spillsaachen op den europäesche Maart kommen, se mat dem Marquage CE versi sinn, wat eng wichteg also och éischt Kontroll ass. D'Direktiv verstärkt d'Bestëmmungen iwwert d'Warnungen, déi musse bei eenzel Spillsaache bäigeluecht ginn, wat de Mode d'emploi also vun deene Spillsaachen ugeet.

De Schutz vun de Kanner géigeniwwer der Gefor fir d'Gehéier vun hinne gëtt och verstärkt iwwert deen heite Wee. Du hues ëmmer méi Spillsaachen, déi vill Kaméidi maachen. Dat ass e Phänomeen, deen et eigentlech virun 20 Joer net an deem Mooss nach ginn huet. An déi Organismen, déi d'Bewäertung vun deene Spillsaachen duerchféieren däerfen, mussen och verstärkt an déi héije Leeschtungskritären entsprechen.

Wat d'Kontroll ugeet, stellt den Text hei kloer, dass et entre-temps den ILNAS ass - also eist Lëtzebuerger Normaliséierungsinstitut -, wat déi dote Kompetenz huet. Virdu war dat emol d'Gewerbeinspektioun, déi dat hat. Elo ass et den ILNAS, deen déi doten Iwwerwaachung vun enger korrekter Uwendung vun de Sécherheits-

bestëmmungen, wat d'Spillsaachen ugeet, duerchzeféieren huet.

Den ILNAS mécht dat och. Den ILNAS huet eis och eng Dokumentatioun zoukomme gelooss, wou se opféieren, wat si vun Aktivitéiten an deem Beräich an deem Joer 2010 schonn duerchgefouert hunn. Et ass hire Service vun der Maartiwerwaachung, deen dat mécht. An deen huet vum 1. Januar bis elo de 15. Oktober eng ronn 40 Kontrollen a Geschäfte duerchgefouert hei zu Lëtzebuerg, och nach Kontrollen op der Fouer respektiv vum Mäertchen duerchgefouert.

Den Zweck vun deene Kontrolle war haaptsächlech, fir ze kucken, ob déi Spillsaachen dee Marquage CE gedroen hunn, respektiv fir och ze kucken, ob do Spillsaache waren, déi op der RAPEX-Lëscht sinn. Dat heescht also den internationalen europäesche System, wou an engem wöchentliche Rhythmus déi Spillsaache gemellt ginn, déi de Sécherheitsnormen net entsprechen a vun deene festgestallt ginn ass, dass se opgedaucht sinn op eenzelne Marchéen. Déi eenzel Länner deelen deem aneren dat mat. An den ILNAS gëtt och déi Dossierien do weider un d'Händler hei zu Lëtzebuerg, dass déi och wëssen, wat déi Spillsaache sinn, déi elo op där schwärzer RAPEX-Lëscht dann dorobber stinn.

Den ILNAS huet och e Labo zu Capellen, wou en och konnt eegen Essaien duerchféieren, wat déi mechanesch a physisch Eegeschafte vun den eenzelne Spillsaachen ugeet.

Voilà, dat ass e bëssen zesummegeraff den Inhalt vun deem heite Gesetzesprojekt. Ech kommen zum Schluss. D'Kommissioun begreist, mengen ech, dass hei schnell gehandelt ginn ass vun der Regierung, dass mer deen heite Projet och kënnen fristgerecht ëmsetzen an nationaalt Recht, ënnersträicht nach eng Kéier als Kommissioun d'Noutwendegkeet vu systematesche Kontrollen och an Zukunft, wat d'Spillsaachen ugeet.

Ech mengen, mat der Gesondheet vun de Kanner ass an deem heite Fall net liichtfankeg ëmzegoen. Duerfir sinn ech och sécher, dass et bei där heiter Direktiv net wäert bleiwen, mä dass mat der Entwécklung eigentlech vun neien Technologien och et wäert néideg sinn, an deenen nächste Joren och nach eng Kéier e kritesche Bléck op déi europäesch Regelungen ze werfen a sécherstellen, dass wierklech och d'Sécherheet vun de Kanner hei garantéiert bleift.

An deem Sënn géif ech d'Chamber bidden, den Accord ze ginn zu deem heite Gesetzesprojekt.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Alex Bodry. Als éischte Riedner ass den Här Félix Eischen agedroen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt dem Rapporteur, dem honorabelen Alex Bodry, e grouss Merci fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport. Mir stëmmen haut iwwer e Projet de loi of, wou et ëm d'Sécherheet vun de Spillsaache geet, ee Sujet, deen elo, fënnf Deeg viru Kleesersdag, nawell passt a wouriwwer déi Mannst vun eis sech awer schrecklech vill Gedanke maachen, well mer jo dovunner ausginn, dass dat an der Rei ass, wat mer do kafen oder wat mer gär hätten, dass de Kleesche soll kafen.

Gutt Spillsaache gëtt et dat ganzt Joer, folglech ass dat heiten awer zäitlos. Niewent der Tatsaach, dass mir d'europäesch Direktiv vum 18. Juni 2009 mussen ëmsetzen, wollt mir awer emol selwer wëssen, wéi néideg dat Ganzt ass respektiv wéi akut de Problem.

An ech soen lech ganz éierlech: Ech sinn erfëiert iwwert dat, wat ech do fonnt hunn! De Rapporteur ass virdrun och kuerz schonn dorobber agaangen. En huet d'Stiftung Warentest zitëiert. A wann een do e bësse méi an den Detail geet, do fënnt een dann Iwwerschrëfte bei verschiddenen Artikelen, déi engem awer ze denke ginn an déi ee wéi gesot erfëieren. Do steet da ge-

schriwwé wéi „Alarm im Kinderzimmer“, „Affe brennt lichterloh“, „Plastik besser als Holz“, „Gesetze nicht streng genug“, „Appell an die Branche“.

Ënner „Gefahr für die Kleinsten“ steet dann do geschriwwen, dass vu 50 geteste Spillsaachen der 42 belascht sinn, zwee Drëttel souguer ganz, ganz staark. An da muss een elo net mengen, dass dat elo just e bëllegen Asia-Import wier. Hei geet Rieds vu Markenartikelen. Vun der Popp bis bei den Zuch fanne mer ënner anerem Formaldehyd, Néckel, sougenannten „Weichmacher“. Ech ka mer och virstellen, dass de Kolleeg Muck Huss herno méi am Detail dorobber wäert agoen. Mä ganz kloer ass et, an et soll een et net op déi licht Schëller huelen: Eng etlech vun deene Stoffe sti ganz kloer am Verdacht, fir Kriibs ze provoziéieren.

De Gesondheitsrisiko ass natierlech ëmsou méi héich, wann de Stoff austrëtt. A wann een da weess, dass apaart kleng Kanner vill Spillsaachen nach mam Mond kenne léieren, mécht ee sech also seng Gedanken.

Ronn d'Halschent vun de Spiller, déi um europäesche Maart getest goufen, koumen aus China. An ëmmer erëm goufen an der Vergaangenheet géfteg Reschter an diesen Artikele fonnt, wou d'Wärter kloer iwwert de virgeschriwwene Limité louchen. Allerdéngs mécht de chineseschen Import, de ganze chineseschen Import 80% vum Maart aus. Do schénge se allerdéngs och ze wëssen, dass net alles duerchgeet. Virun dräi Joer schonn hunn 1.000 Fabriken d'Lizenz ewechgeholl kritt. Allerdéngs war dat e puer Méint virun den Olympesche Spiller. Ech wëll elo net soen, dass dat just aus där Ursaach war, mä bon.

De Kolleeg Marc Spautz hat Enn Oktober de Wirtschaftsminister op des Statistiken ugeschwat, ob hien der Meinung wier, dass déi europäesch Législatioun schaarf genuch wier. Do waarde mer nach op d'Antwort. An - an dat gëtt och ze denken - et soll ee wëssen, dass den obligatoreschen CE-Marquage, deen eng vun den Oplage vum Gesetz ass, net onbedéngt eng Garantie fir schuedstofffräi Wuer ass.

Opfälleg ass och hei, dass méi hëlze Spillsaachen an deenen Tester duerchgefall si wéi där aus Plastik. Mä scho viru méi wéi zwee Joer huet déi Lëtzebuerger ULC an engem Artikel op deen dote Mësstand opmierksam gemaach, wou ënner anerem och iwwert d'Appellatioun CE geschriwwé gouf.

Dësen obligatoreschen europäesche Marquage ass op ville Produkter an attestéiert nëmmen déi minimal legal Exigenzen. Dëse Label kann op d'Wuer kommen ënner der eenzeger Responsabilitéit vun dem Produzent oder vum éischten Importateur, ouni dass en Drëtten e Contrôle gemaach huet.

Da brauche mer eis jo kee Bild ze molen, wéi dat da ka goen. Dësen CE-Marquage, heescht et weider bei der ULC, ass eng Zort communautairé Pass. Konkret geschwat: Wann déi Lëtzebuerger Douane um Findel esou e Produit eralosse kann, eraléisst, därer e fräi queesch duerch Europa ouni systematesch Kontroll zirkuléieren a verkaaft ginn. Ouni systematesch Kontroll!

Enger Etüd vun Eurobarometer no huelen och 50% vun de Leit keng Notiz vun deem Label; een Drëttel mengt, de Produit wier an Europa gemaach, an zwee Drëttel vun de gefrote Konsumente sinn dovun ausgaangen, dass den CE vun engem onofhängegen Organ opgepecht gëtt.

Am Artikel 4 vun eisem Gesetzesprojekt steet elo dran: «Le fabricant déclare que celui-ci...» - also de Label - «...est conforme à toutes les exigences applicables et qu'il en assume l'entière responsabilité.» Hei huet de Statsrot och keng Observatioun gemaach.

De gudde Wëllen ass do, Vertrauen ass gutt, mir mengen awer och, Kontroll ass besser. Dofir si mer haut och der Meinung, dass d'Aarbecht vum Lëtzebuerger Normalisationsinstitut extrem wichteg ass. ILNAS, ugeschwat virdrun, ka supplementar Kontrolle maachen an am Fall wou déi genannten CE-Appellatioun och erföhue loosse.

Bei den Avisé vun de Chamberen ass notéiert, dass d'Chambre des Métiers dem

Projet favorabel géigeniwwersteet. D'Chambre de Commerce gëtt allerdéngs och ze bedenken, dass méi Kontroll gläichgesat gëtt mat méi administrativem Opwand am Handel - de Rapporteur sot dat och scho virdrun -, woubäi déi zitëiert Argumenter vu virdrun, dat Argument eiser Meinung no awer op wackelege Féiss steet. D'Handelskummer bedauert och d'staark Tendenz zu penale Strofen am Platz zivil oder administrativ Sanktiounen, wat een awer och verstoe kann.

Här President, mir sinn eis awer allegueren eens, dass et hei net ëm Schikanei geet, mä ëm d'Gesondheet vun der nächster Generatioun. Dofir solle mer dat Ganzt am A behalen, wënschen d'Gesetz och am Kleesche sengem Ouer, an ech ginn heimadder natierlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech och Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Félix Eischen. Als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären: „Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen, bréng ons Saachen allerhand...“ Wann ee sech dëst Kannerlidd an Erënnerung rëfft, da kënnt engem d'Bild vun deene schéinen Telleren aus der aler Zäit, op deenen Nëss, Äppel, Marzipan a Schockela louchen. De Kleeschen huet Spillsaachen aus Naturmaterialië bruecht, a kee Mënsch hätt dës schéin Tradition mat Gefore verbonnen. Haut awer sinn dem Kleesche seng Kadoe mat Virsicht ze genéissen, well sech dorënner duerchaus Spillgezei befanne kann, dat mat Gëfter belascht ass.

Et ass schonn d'éinescht ugeklungen: D'Stiftung Warentest huet an hirem Magazin „Test“ vum November 2011 (*lire 2010*) op d'Gefore vu Spillgezei higewisen, Spillgezei, dat virun allem ze staark mat Schuedstoff belascht wier. Den Af brennt, an am Hues si Weichmacher, keen Holz-Spillgezei ass ouni Schuedstoff an esou weider. Dat sinn nëmmen e puer Ënertiteln am Artikel vun „Test“, dee sech mat der Sécherheet vu Spillgezei befasst.

D'iwwerwältigend Majoritéit vun de gepréfte Spillsaachen, ënnert deenen och hëlze Spiller sinn, wiere mat géftege Substanze belascht, verschidde Spiller bestëngen aus Einzeldeeler, déi Kanner liicht verschlécke kéinten, esou d'Revue „Test“. Bei de Spillsaachen, déi mat Gëfter belascht sinn, handelt et sech awer net nëmmen ëm Teddyen oder ëm Eisebunnen, déi zum Beispill mat Flammschutzmittel kontaminiert wieren, mä och ëm Kanner-Bijouen, déi bläihaltig sinn. De Bläiegehalt géif dacks iwwert deenen zoulässege Grenzwärter leien, esou steet bei „Spiegel online“ ze liesen.

D'Stiftung Warentest réit elo am November an hirer Zäitschrëft „Test“ ënner anere fir, am Fall wou e Spill opfälleg richt oder donst, vun engem Kaf ofzegesinn. Fir kleng Kanner sollte Poppen, esou proposéiert d'Stiftung, am beschten aus Stoff sinn.

Et ass gewosst, dass d'Kanner iwwer eng manner héich Schuedstofftoleranz wéi Erwuessener verfügen an datt si als Konsument iwwerhaupt méi schutzbedürftig wéi déi Grouss sinn. „Test“ schreift duerfir, datt dat sougenannt CE-Zeechen op Spillsaachen eng Obligatioun ass. De Produzent attestéiert a signaléiert domadder dem Konsument, datt en all d'Richtlinnen, déi fir dëse Produit en vigueur sinn, anhält. Mä, esou deelt déi däitsch Stiftung Warentest mat, dorop wier nëmme wéineg Verlooss.

Sinn d'EU-Wärter am Beräich vum Spillgezei ze generéis? Dat gouf virun net allze laanger Zäit am „Spiegel“ gefrot. Et gouf och betount, datt am Bundestag vun der Regierung verlaangt gouf, fir vill méi streng Grenzwärter fir kriebserregend Stoffe bei de Spillplazen... bei de Spillsaachen, pardon, op EU-Niveau duerchzusetzen. Déi Chrëschtlech-Liberal Regierung a besonnesch den däitsche Wirtschaftsminis-



tère hunn déi Bréisseler Kommissioun duerfir gedréngt, fir en Experten-Grupp anzusetzen, dee sech mat de chemesche Grenzwärter, déi an der Direktiv virgesi sinn, soll befaassen.

Ab 2013 wëllt d'Europäesch Unioun duerch hir Direktiv bis zu 1.000 mg PAK pro Kilo Spillgezei zouloossen, fir Benzopyren 100 mg. Ganz vill PAKen, also polyzklesch aromatesch Kuelewaasserstoffer, si kribberregend Substanzen. Si ginn duerfir de sougenannten CMR-Stoffer zougeuerdnet. CMR, dat heescht, dass de Stoff kribberregend, ierfuttverännernd oder reproduktionsgefährdend ass.

D'Bundesinstitut fir Risikobewäertung huet 2009 déi an der neier EU-Spillgezei-Direktiv festgeluechte Regelunge fir CMR-Stoffer am Kanner-Spillgezei op d'PAKen applizéiert an op hire gesondheetleche Risiko hi bewäert. D'Institut kënnt zur Erkenntnis, dass déi därzäiteg gültig Wärter d'Gesondheet vun de Kanner weder genuch schützen nach der Regel vun der Expositionsminimisierung bei CMR-Stoffer genügen.

Et ass gewosst, dass vill PAKen Tumeuren ausléise kënnen an duerfir gi se als cancérigène Substanz klasséiert. Benzopyren, dat als Leitsubstanz fir d'PAKen déngt, gouf viru Joren duerch d'international Kriibsfuerschungsagentur als kribberregend fir de Mësch klasséiert, notéiert d'Bundesinstitut fir Risikobewäertung. D'Bundesinstitut schreift effektiv Folgendes, ech zitieren: „Aufgrund der Orientierung der neuen Spielzeugrichtlinie am Chemikalienrecht darf die Leitverbindung Benzopyren bis zu einer Konzentration von 100 mg/kg im Spielzeug vorhanden sein. Legt man diese Konzentrationsgrenze für Benzopyren im Spielzeug zugrunde, so könnten Kinder bei einstündigem Hautkontakt oder Spielen ein Vielfaches dessen an krebserzeugendem Benzopyren dermal aufnehmen, was im Rauch von 40 Zigaretten am Tag enthalten ist.“

D'Stëftung Warentest fuerdert duerfir, dass d'Direktiv am Beräich vun de Spillsaache misst nogebessert ginn, an zwar esou séier wéi méiglech. Si géif sech, esou „Test“, um Chemikalierecht orientéieren an net um sensibelen Organismus vun engem Kand.

An Däitschland setzt sech d'Bundesinstitut fir Risikobewäertung derfir an, dass all déi PAKen, déi bekannt sinn, Kriibsen ze provozéieren, net 0,2 mg/kg daerfen iwwerschreiden.

Et war, wéi scho gesot, d'Stëftung Warentest, déi erausfonnt huet, an et ass elo d'éinescht ugeklongen, dass a véier Fënneftel vun de gepréift Spillsaachen, virun allem a Stoffdéieren an a Poppen, awer och a Spillgezei aus Holz Schuedstoffer dra wieren, déi d'Gesondheet géife belasteschen.

Nieft belasteschende Stoffer sinn och Sécherheitsdefiziter festgestallt ginn. An Däitschland hunn déi biergerlech Fraktiounen am Bundestag virun allem méi niddreg Grenzwärter fir d'PAKe verlaangen. Dës PAKe sinn ënner anerem an de Weichmacher enthalten, déi souwuel Kriibsen kënnen provozéieren wéi och d'Fertilitéit vun Mënsch a Fro stellen.

Nieft Spillgezei, an deem ee PAKen oder Weichmacher erëmfënnt, gëtt och nach vu Spillsaache geschwat, an deene Formaldehyd a Schwéiermetaller dra sinn. Verschidde vun dësen Stoffer gëllen, wéi gesot, als kribberregend oder kënnen Allergien ausléisen.

An zwee Joer wäert d'EU-Spillgezei-Direktiv bis zu 1g PAK pro Kilogramm erlaben, steet am „Spiegel“ N°43 vun dësem Joer nozeliesen. Dat wier e Wäert, deen Experte vill ze héich aschätzen.

Sou géif d'Bundesinstitut fir Risikobewäertung e Grenzwäert vun 0,2 mg verlaangen. Dat entsprécht engem Fënneftausendstel vun deem Wäert, deen d'EU an hirer Direktiv zréckbehalen huet. Eenzel Betriber, dorënner grouss Markennimm, si sech der Problematik duerchaus bewosst an hunn ugekënnegt, bestëmmte Spillsaachen

net méi ze verkafen, also aus dem Verkäier ze zéien. Anerer hu matgedeelt, dass si sech un déi virgeschriwwen Wärter géifen halen. Anerer nees hätten - wann een „Spiegel online“ an der Stëftung Warentest Glawe schenkt - guer net op déi eenzel Resultater, déi bei den Tester erauskoumen, reagéiert.

Dobäi fënnt ee belasteschende Stoffer dacks bei Spillsaachen - et gouf elo d'éinescht scho gesot -, wou ee se am Prinzip guer net géif siche goen. Zum Beispill bei Holzspillsaachen, wou een dach awer denkt a mengt, déi missten op natierlecher Basis hiergestallt gi sinn. D'Stëftung Warentest huet - esou konnt een am Oktober gewuer ginn - 15 Spillsaachen, déi aus Holz fabrizéiert sinn, getest. An an all dës Spillsaache wiere Schuedstoffer gewiescht. Quasi dräi Véierel vun hinne wiere souguer staark bis ganz staark belastesch. Wat och verwonnert, dass ass, dass dës Wärter bei Marke fonnt goufen, déi jo awer als seriö bezeechent gi sinn. Do freet ee sech nëmmen zu Recht, wéi et da bei de Bëllegprodukter ass.

Et verwonnert dofir och vläicht net, firwat den däitsche Verband vun de Spillgezei-produzenten en Appel un d'Bréisseler Kommissioun geriicht huet, fir d'Direktiv net esou a Kraaft trieden ze loossen, wéi se elo virgesinn ass. Dësen Verband fuerdert e Grenzwäert vun 12,5 mg PAK pro Kilo, dat wier dann en Achtzegstel vun deem, wat d'Kommissioun an der Richtlinn zréckbehalen huet.

Et bleift nach ze soen, dass déi ganz Ëmwelt mat PAKe belastesch ass, haaptsächlech aus dem Verbrennen vu fossilen Energieträger. Et ass also och am Fall vun den Holzspillsaachen net auszuschléissen, dass schonn d'Holz virun der Produktioun belastesch war. Hei muss een also relativéieren a kucken, ob wirklech d'Produktioun druschold ass oder ob d'Holz net schonn à la base belastesch war.

Doriwwer eraus kommen hei nach d'Nowéie vun iwwerdrüwwenen Asaz vu schwéier géftegen a kribberregende Pestiziden an de 60er an 80er Joren - vun de 60er bis an d'80er Joren eran, fir méi prezis se sinn -, wou een haut nach héich Wärter an der Natur kann nowiesen. Dës Pestiziden, grad wéi d'PAKen, sinn immens persistent.

Erlaabt mer nach eng Remarque zu de Grenzwärter. No der REACH daerfen ab dem 1.1.2010 keng Pneue méi verkaaft ginn, déi méi wéi ee Milligramm pro Kilo Benzopyren enthalten an déi net méi wéi insgesamt zéng Milligramm pro Kilogramm PAK enthalten daerfen. Déi an der Direktiv proposéiert Grenzwärter fir Spillgezei leien also a béide Fäll 100-mol méi héich wéi déi, déi fir Pneue festgesat sinn. Wann een dës Wärter eleng géif kucken, da wier et fir Kanner manner geféierlech, Pneuen an de Mond ze huelen, wéi verschidde Spillsaachen. Dat muss engem wirklech ze denke ginn!

D'Bundesinstitut fir Risikobewäertung réit, fir sech bei Regelunge fir CMR-Stoffer am Spillgezei generell net op d'Contentuen, mä analog zu de Liewensmëttelkontaktmaterialien op d'Migratioun, also d'Fräisetzung ze bezéien. Fir dës Materialië gëllt, dass d'Migratioun vun CMR-Stoffer net noweisbar daerf sinn. D'Institut ass dann och der Iwwerzeegung, dass dës Exigenz technologesch machbar ass an dass se sech an der Praxis bewährt huet.

D'Spezialiste missten also een „bioscreening“ maachen, fir ze kucken, awéifern d'Kanner haut schonn exposéiert sinn, fir esou ze probéieren, d'Risiken ze begrenzen.

Fir eis als Demokratesch Partei steet jiddefalls fest, dass et bei der Sécherheet vu Spillgezei keng Exceptiounen a keng Kompromësser daerf ginn. De Schutz vun de Kanner huet absolute Virrang, de Rapporteur huet et d'éinescht gesot. Spillsaachen, déi op de Maart kommen, müssen ëmmer virdru vun enger onofhängeger Instanz gepréift ginn.

Dat gëllt net nëmme fir Spillsaachen, déi an der EU produzéiert ginn, mä och a grad fir Spillgezei, dat aus Drëttlänner an d'EU erakënnt. D'Kontrolle müssen an deem Sënn verbessert ginn, virun allem, wann ee sech virun Ae féiert, dass een notablen Deel vun de Spillsaachen aus dem asiatesche Raum kënnt.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. André Bauler (DP).** - D'Grenzwärter, déi an der Direktiv zréckbehale sinn, müssen dofir den neiste wëssenschaftlechen Erkenntnesser ugepasst ginn, an all Substanzen, déi Kriibsen kënnen provozéieren, müssen a Spillsaache verbuede ginn. Sollt déi nei Expertekommissioun, déi ufanks November zu Bréissel eng éischte Keier zesummekoum, zu der Konklusioun kommen, dass plazeweis nogebessert muss ginn, da muss mer dat heiheem och maachen an dësen Text onbedéngt an esou schnell wéi méiglech nobesseren.

Här President, well den Text wahrscheinlech nogebessert wäert ginn, déposéieren ech eng Motioun, an där d'Chamber d'Regierung ënner anerem opfuerdert, Ännerungen an der Direktiv, déi virun allem d'Grenzwärter concernéieren an deenen a kommender Zäit Rechnung gedroe muss ginn, direkt an dat nationaalt Recht ze transposéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant le projet de loi relative à la sécurité des jouets;

- notant l'exposé des motifs du projet de loi précité qui relève: «[I]es progrès technologiques intervenus sur le marché du jouet ont posé de nouveaux problèmes en matière de sécurité et ont accru les préoccupations des consommateurs en la matière. Afin de tenir compte de ces progrès et d'apporter des précisions concernant le cadre réglementaire applicable à la commercialisation des jouets, une nouvelle directive relative à la sécurité des jouets a été élaborée [...]»;

- relevant les diverses initiatives, notamment en Allemagne, exhortant la Commission européenne à reprendre la directive 2009/48/CE du 18 juin 2009 sur le métier afin de revoir les valeurs limites des substances ou mélanges contenus dans les jouets;

- notant que les valeurs limites retenues dans ladite directive de certaines substances ou mélanges réputés être cancérigènes sont insuffisantes d'après l'institut allemand «Bundesinstitut für Risikobewertung»;

- constatant que le gouvernement allemand et plus particulièrement son ministre de l'économie ont demandé à la Commission européenne de mettre en place un groupe d'experts ayant pour mission d'examiner les valeurs limites des substances ou mélanges retenus dans la directive en question;

invite le Gouvernement à

- rejoindre l'initiative allemande consistant à demander à la Commission européenne à reconsidérer les valeurs limites des substances ou mélanges dont question dans la directive 2009/48/CE du 18 juin 2009;

- transposer, dès que ladite directive a été amendée, les modifications dans un projet de loi portant modification de la loi relative à la sécurité des jouets.

(s.) André Bauler, Alex Bodry, Félix Eischen, Jacques-Yves Henckes, André Hoffmann, Jean Huss.

D'Motioun dréit fir de Moment meng Ënnerschrëft, an ech hoffen, dass och anerer heibanne se kënnen ënnerstëtzen. Sollt dës Motioun gedroe ginn, stëmme mir dat heite Gesetz. Am anere Fall géife mer eis enthalten.

Zum Schluss wëll ech dem honorabelen Deputéierten Alex Bodry Merci soe fir säin ausféierleche Bericht zu dësem Gesetzesprojet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Très bien, Här Bauler!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Huss agedroen. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Huss (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt am Numm vun der grénger Fraktioun - net um Schluss, mä gläich am Ufank - dem Rapporteur, dem Här Bodry, Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Ech wéilt och menge Virriedner Merci soe fir hir Ausféierungen, well et mer geschéngt huet, wéi wa se an hiren Ausféierungen ugefaangen hunn, de Problem seriö ze huelen. Ech géif dat emol esou virsiichteg formuléieren.

Ech wëll virun allem dem Här Bauler gratuléieren fir seng Ried, wou ee wirklech mierkt, dass e sech mat der Problematik ausenanergesat huet an dass e sech dofir wahrscheinlech och vill Zäit geholl huet, fir déi Saach ze ënnersichen.

Als véierte Riedner ass et elo net méi meng Roll, all déi eenzel Bestëmmungen an dëser europäescher Direktiv beziéungsweis an dësem Gesetz hei ze widerhuelen. Ech wëll mech dofir konzentréieren op e puer Aspekter an op e puer Kritiken, déi also dës EU-Spillsaachendirektiv an dëst Gesetz hei betreffen.

Als Gréng hate mer am Virfeld vun dëser Diskussioun dorobber gedréngt, dass hei net de Modell 1, dass net de Modèle de base hei géif ugeholl ginn, dass heescht, dass praktesch keng Diskussioun iwwert dës Spillsaachendirektiv hei kéint stattfannen. Elo ass et de Modell 1, hu mer elo a gemeinsamer Viraarbecht virun dësen Deeg dann du festgehalten.

Dat erlaabt engem weinstens, dann a Résuméform op déi wichtegst Aspekter vun dëser Direktiv hei a vun dësem Gesetz hei anzegoen, bei deem et jo finalement, wéi schonn eng Partie Virriedner gesot hunn, drëm geet - grad an dës Festdeeg, wou vill Cadeaue gemaach ginn, och elo fir de Kleeschen oder ënnert dem Chrëschtbeemchen an esou virun -, dass do jo d'Kanner op vill Cadeaue nach waarden normalerweis an dass d'Leit also akafe ginn an dass se wëlle sécher sinn, dass se da Kannerspillsaache kafen, déi net d'Gesondheet vun hire Kanner gefährden. Dofir ass et also schonn derwäert, weinstens dann a Résuméform kënnen déi Saachen hei ze diskutéieren.

Ech wéilt awer direkt hei soen, dass mir hei als Gréng dësem Gesetzesprojet an dëser Direktiv net wäerten zoustëmmen. Mir wäerten eis dobäi enthalten, fir e Signal ze setzen. Obschonn et natierlech e puer Verbesserungen a Saache Sécherheet sécherlech an dëser neier Direktiv gëtt. D'Virriedner hunn dorobber opmierksam gemaach: zum Beispill e bessere Schutz par rapport zu mechanische Problemer vun de Spillsaachen, e bessere Schutz vis-à-vis vu syntheseschen Duftstoffer oder Parfumen. Mä - an dass ass eis fest Iwwerzeegung - och nom Vote vun dëser Direktiv beziéungsweis vun dësem Gesetz gëtt et, wäert et och hei a Lëtzebuerg an an Europa keng wirklech Sécuritéit vu Spillsaache ginn. Loin de là!

Ech wëll aus Zäitgrënn hei just op een Aspekt agoen. Dass natierlech den Aspekt vu chemesche Gesondheitsrisiken, déi fir eis am Mëttelpunkt stinn. An ech wëll mech och dorobber - just dorobber - konzentréieren an all déi aner Saachen ewechloossen. Et ass vum Virriedner genuch doriwwer gesot ginn.

Am Artikel 10 vun dësem Gesetz an och an der Annex zum Gesetz gëtt an der Theorie en héije Schutzstandard vun de Kanner a vun der Kannergesondheet vis-à-vis vu chemesche Substanzen agefuerdert. Dat klénkt natierlech gutt: en héije Schutzstandard.

D'Realitéit gesäit awer nach laang net esou positiv aus, an dat haaptsächlech aus véier Grënn:

Éischstens, well de Sigel CE - Communauté européenne - op de Spillsaache keng wirklech gesondheetlech Sécherheet fir eis kleng Kanner garantéiert. Dee Sigel läit an den Hänn an an der Selbstkontroll vun de Produzenten selwer, a wa vun onofhängegen Instituter oder Laboe just a Stéchprouwe kontrolléiert gëtt, da fanne se trotz CE-Sigel ëmmer erëm geféierlech Chemikalien an dës Spillsaachen.

Zweete Kritikpunkt dorunner gläich uschléissend: Déi punktuell stéchprouwen-aarteg Kontrollen duerch onofhängeg Instituter oder Verbraucherschutz-ONGen - wéi an Däitschland beispillsweis Öko-Test, Stiftung Warentest, oder och den TÜV Rheinland beispillsweis, déi esou Analyse gemaach hunn; a Frankräich Laboen am Optrag vun „60 millions de consommateurs“ oder „Que Choisir“; mä dann och hei, éischt Analysen, déi hei gemaach gi si vun eiselem Institut, vun eiser ILNAS hei -, déi stéchprouwen-aarteg Prouwe si sécherlech sénnvoll a si weisen ëmmer erëm op Belasteschungen hin.

Déi Belasteschungen sinn hei zum Deel schonn opgezielt ginn. Déi Belasteschungen



sinn do zum Deel mat Schwéiermetaller, mat problemateschen, héich problematesche Schwéiermetaller wéi Bläi a Kadmium. Woubäi ee bei Bläi muss soen, datt zum Beispill den „Center for Disease Control“ an den USA seet - well dat Wuert „Grenzwärter“ hei gefall ass virdrun -, datt et fir Bläi fir Kanner keen eenzege Grenzwäert gëtt, dee valabel ass. Do gëtt et just de Grenzwäert 0, fir e Stoff wéi Bläi. Dat heescht, do kann een also net mat Grenzwärter fueren.

Mä dat kann a Spillsaachen enthalte sinn, Kadmium kann a Faarwen enthalte sinn. Et ass scho geschwat gi vun de Phthalaten, deene sougenannte Weichmacher, virun allem a Plastikspillsaachen, mat Bisphenol A, wat zum Beispill elo kierzlech op europäeschem Niveau a Bëebesfläsche verbuede ginn ass - d'lescht Woch nach verbuede ginn ass -, wat awer a Spillsaachen, déi d'Kanner an de Mond huelen, weiderhin ëmmer nach an den Analysen erëmfonnt gëtt, an deene Spillsaachen.

Belaaschtungen zum Beispill mat broméierte Flammeschutzmëttelen, broméierten Diphenyletheren, Etheren, déi héich problematesch, kriebserregend an neurotoxesch sinn, déi een dann erëmfënnt net nëmmen an elektronesch Spillsaachen, wou se kënnen ausgasen, mä och zum Beispill a stoffte Poppen oder a Kuscheldéieren, a Kannerpyjamaen; Belaaschtungen zum Beispill och mat Organozënnverbindungen, déi zum Beispill an deene groussen Häfen net méi dierfen agesat ginn, fir de Rumpf vun de Schëffer domadder unzesträichen, déi awer a Kannerspillsaachen erëmfonnt ginn an déi erlaabt bleiwen, och elo mat dëser Direktiv, soulaang se net iwwer zwielef Milligramm pro Kilo Material ginn!

Et ass virdrun nach hei geschwat ginn - ech mengen, et war den Här Bauler - vun de PAK, vu polyzykleschen, aromatesche Kuelewaasserstoffer. Dat si Substanzen, déi héich geféierlech sinn, virun allem de Benzpyren -, dat si Saachen, déi noweislech kriebserregend sinn! A bei kriebserregende Stoffen, do ass et esou, datt jiddwereen heibanne misst d'accord sinn, datt esou eppes net dierft a Spillsaache sinn!

Et ass och vum Här Bauler nach geschwat gi vun enger klassischer Substanz, déi mer och ëmmer erëm a Spillsaache fannen, mä net nëmmen a Spillsaachen: de Formaldehyd. Mä de Formaldehyd, deen ass vum IARC zu Lyon aklasséiert: Éischstens ass en neurotoxesch an zweetens ass e kloer kriebserregend, an enger vun den héchste Stufe vun der Kriebserregung! Dat fënnt een dann a Kannerspillsaachen!

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt op europäeschem Niveau zënter e puer Joer schonn e sougenannten Alarmsystem fir geféierlech Konsumgüdder insgesamt, de sougenannte RAPEX-System. Bei dësem Alarmsystem waren an deene leschten zwee, dräi Joer ëmmer erëm Kannerspillsaachen déi Konsumartikelen, déi am heefegsten an der RAPEX-Warnlëscht opgefanne waren. Zum Beispill waren dëst Joer eleng an der éischter Januarwoch - an der éischter Januarwoch vum 1. bis de 7. Januar - véier Kannerspillsaachen op där Lëscht, well se mat problematesche Weichmacher wéi DEHP oder DINP belascht waren.

Am Joer 2009, dat war d'lescht Joer, do war déi grouss Spielzeugwarenmesse, déi weltwäit Spielzeugwarenmesse zu Nürnberg, wou also all Spillsaache vun alle Producteure weltwäit ausgestallt ginn. Dobäi ass stéchprouwenaarteg ënnersicht ginn: Ee Véirel vun alle Spillsaachen, déi ausgestellt waren, hätten ni dierfen um Marché sinn, wéinst de Belaaschtungen, déi an deene Spillsaachen dra sinn.

Mir mengen - an dat ass och en Deel nach vun eiser Kritik -, datt alleguerten déi dote Saachen, déi erausfonnt ginn, jo méi punktuell stéchprouwenaarteg gemaach ginn, mä leider zënter Joren, a mer fannen ëmmer déiselwecht Resultater, zënter Joren. De Problem ass awer: Stéchprouwe weisen eben ëmmer nëmme punktuell Belaaschtungen, an de Risque ass do derbäi, datt dobäi nëmmen d'Spëtz vun deem berühmten Äisbiere opgedeckt gëtt an datt d'Donkelziffer vun de Belaaschtungen wahrscheinlech nach vill méi héich läit.

En drëtte Kritikpunkt uschlëssend, an dat ass eng vun eisen Haaptkritiken: Leider, leider gëtt et och mat an no dëser EU-Direktiv nach ëmmer vill vun deeneselwechte Substanzen, vun deene mer elo schwätzen, déi virun dierfen a Kannerspillsaachen agesat ginn. Déi sinn net ofgeschaf, déi ginn nach virun agesat! Obschonn - ech mengen, den Här Bauler hat et och scho gesot - eng Partie vun hinnen CMR sinn, dat heescht, si si kriebserregend, also gesondheetsgeféierlech, si si kriebserregend, si si mutagen a si si reproduktions-toxesch.

Wat heescht dat, wann eng Substanz kriebserregend ass? Mä wann eng Substanz kriebserregend ass, dann dierft se am Prinzip net méi a Spillsaachen do sinn! Eleng dee Kritär misst duergoen, datt eppes net dierft an enger Spillsaach méi erëmfanne sinn, an do geet et net duer, ze soen: Da brauche mer méi schaarf Grenzwärter. Neen, bei esou Substanzen ass et wéi beim Bläi - wat ech virdu vum Bläi gesot hunn -, do ass all, och déi klengste Quantitéit héich geféierlech, si ass héich geféierlech an dierft doduerjer net enthalte sinn.

Da gëtt et nach e weidere Problem: Et gëtt net nëmmen déi Substanzen, déi CMR sinn, mä et gëtt och nach déi Substanzen, déi an eisen Aen nach vill méi geféierlech sinn, nämlech déi sougenannten „perturbateurs endocriniens“, „endocrine disruptors“ heesche se, dat ass eng ganz Serie vu chemeschen Substanzen. Firwat sinn déi nach méi geféierlech? Mä well erausfonnt ginn ass - ech ginn lech ee Beispill, dat ass de Bisphenol A, dat ass eng typesch Substanz esou. Firwat ass déi esou geféierlech?

Mä bei där Substanz hu se erausfonnt, datt et do iwwerhaupt net ëm d'Dosis geet an datt souguer déi niddregsten Dosé méi schëllem Effete kënnen hunn, wéi méi grouss Dosen. Firwat ass dat esou? Mä well se ganz einfach an den Hormonhaushalt vun engem Bëbee... - dat kann och scho während der Schwangerschaft am Mammebauch sinn, oder herno, wa Kanner mat esou Saache spillen, déi esou Saachen enthalen, déi se iwwert d'Haut an iwwert de Mond an esou virun ophuelen -, dat si Substanzen, déi an den Hormonhaushalt agräifen an déi dann dozou féieren, datt beispillsweis dee ganze Wuessensprozess, déi hormonell Entwécklung an esou viru gestéiert ginn, den Immunsystem moduléiert a gestéiert gëtt, mat alle méigleche gesondheetleche Konsequenzen, déi dat mat sech ka bréngen.

Et gëtt um internationalen Niveau an um europäeschen Niveau Diskussiounen doriwwer: Wat maache mer mat deenen „endocrine disruptors“, mat där Zort vu Chemikalien, déi an esou niddrege Konzentratione schonn esou Effete kënnen hunn, déi esou problematesch sinn, déi eise ganzen hormonelle System duerjernebréngen, déi zu Sterilitéit kënnen féieren?

Déi beim Jong beispillsweis kënnen dozou féieren, datt et zu Mëssbildung vun de Genitalië kënn; déi bei Meedercher kënnen dozou féieren, datt se immens fréi an d'Pubertéit geroden. Well dat Substanz sinn, déi eis Hormoner noahmen an déi Hormoner moduléieren - an am spéidere Alter zu Broschtkriibs bei Frae kënnen féieren, oder Prostatakriibs beim Mann - an der Durée, dat heescht, wann ee scho während der Schwangerschaft deene Substanzen ausgesat ass, oder an den éischte Liewensjoren, wou ee jo nach am empfindlechten ass.

Dat sinn da scho Saachen, déi am Fong kënnen - epigeneteschen nennt een dat - virbestëmmen, wat herno d'Entwécklung ass, déi am spéidere Liewe geschitt mat deene Leit, déi deene Substanzen ausgesat waren, an der Schwangerschaft als Fötus an duerno an den éischten zwee, dräi Joer, wou sech dat Kand jo eréischt richtig entwéckelt, wou den Immunsystem sech entwéckelt, den Hormonsystem sech entwéckelt, den Nervesystem sech richtig entwéckelt.

Dat si Substanzen, déi an eisen Aen näischt a Spillsaachen ze dinn hunn, déi iwwerhaupt missten insgesamt vum Marché geholl ginn! Dofir ass et fir eis och kloer, datt mir net kënnen einfach esou mat där Direktiv hei d'accord sinn.

Wéi vill där chemescher Substanzen, déi esou geféierlech sinn, gëtt et dann? Majo,

et gëtt geschätzt, datt am Moment - dat hu mer am REACH-Prozess gesinn - um europäesche Marché am Kontakt mat de Leit, am aldeegleche Kontakt mat de Leit, sief et mat Spillsaachen, sief et och mat anere Konsumartikelen an esou virun, oder mat Teppecher oder Faarwen, Lacken an esou virun, et wahrscheinlech 2.500 esou Substanzen gëtt, 2.500, dat sinn déi héich problematesch Substanzen.

Bei den „endocrine disruptors“ gëtt geschätzt. Et gëtt Schätzungen, déi variéieren tëscht 350 a 550. Mir wëssen nach net bei en alleguerten, ob se „endocrine disruptor“-Charakter hunn oder net. Mä dat sinn d'Realitéiten!

Elo gëtt da gesot: Jo, mä elo hu mer jo emol hei déi EU-Direktiv, déi Spillsaachen-direktiv. Mä et gëtt jo net nëmmen déi, mir hu jo och nach de REACH-Prozess. Dat heescht, iwwer REACH solle jo och nach d'Chemikalië geregelt ginn, dat bezitt sech jo dann och nach op d'Spillsaachen, déi an engems da géife mat geregelt ginn.

Dat ass alles schéin a gutt. D'REACH-Gesetz ass jo och 2007 a Kraaft getrueden. Mä och dat hëlleft eis net ganz vill! Firwat? Dat ass och en éischte Schrëtt gewiescht, mä et ass awer just en éischte Schrëtt! An et hëlleft eis net vill, well dee Prozess éischstens total geschwächt ginn ass: Duerch de Lobbyismus vun der chemescher Industrie ass dat Gesetz praktesch zu engem Schwäizer Kéis ginn, mat immens villen Derogationen, mat Zäitverschiebungen an esou virun. Dat ass deen een Aspekt.

Deen zweeten Aspekt ass dat, datt am Fong - an Dir musst dat emol bedenken: 2007 ass d'Entrée en vigueur gewiescht, elo si mer gläich 2011, an d'Länner, déi 27 EU-Länner sinn opgefuerdert ginn, si sollte selwer Substanzen benennen, déi se als héich problematesch géifen erkennen an déi se gären op eng Prioritéitlëscht, op eng sougenannte Kandidatelëscht gesat hätten, fir datt se zu Helsinki vun der Europäescher Chemikalienagentur kéinten evaluéiert ginn, fir se eventuell ze verbidden.

Wësst Der, wat d'Resultat ass bis elo, dräi Joer nodeem d'Staten opgefuerdert gi sinn, déi 27? Wësst Der, wéi vill Substanzen vun deenen 300, 500 oder 2.500, wa mer méi wäit géife goen, op där Kandidatelëscht stinn, fir ënnersicht elo ze gi vun der ECHA, vun där Chemikalienagentur zu Helsinki?

15 Stéck! 15 Stéck am Ganze stoungen elo bis de leschte Mount op där Lëscht. 15 Substanzen vu mindestens an eisen Aen der 350, déi direkt misste verbuede ginn, wou et esou kloer ass, datt se entweder kriebserregend, neurotoxesch sinn, immunotoxesch sinn an esou virun, déi direkt misste verbuede ginn. 15 ganzer hunn déi 27 State fäerdeg bruecht, fir op déi Lëscht ze setzen! Bis elo virun een, zwee Méint war dat esou, vläicht sinn der zwee, dräi derbäikomm - ech weess et net. Mä op jidde Fall, dat ass net seriö!

An deem doten Tempo vu REACH brauche mer bis zum Joer 2300 wahrscheinlech, ier mer déi alleguerten evaluéiert hunn, déi geféierlech sinn, déi Problemer kënnen maachen. Mä bis dohinner huet d'chemesch Industrie schonn erëm längst neier entwéckelt. Esou datt mer ëmmer esou hannendrunhoppelen, an zwar an engem Tempo, deen dramatesch lues ass par rapport zu deem, wat ëmmer erëm nei entwéckelt gëtt.

Do läit einfach e Problem, wou mir soen, et kann net sinn, datt dat esou virugeet. Mir hunn dofir och Fuerderungen, fir wéi ee besser kéint virgoen. Eng Fuerderung ass déi direkt, datt dës Spillsaachendirektiv, déi mer hei sollen da stëmmen, datt Lëtzebuerg sech soll direkt derfir asetzen, datt se muss iwwerschafft ginn. An zwar direkt, an zwar mat méi schaarfe Kritären, wéi dat bis elo de Fall ass.

An dann eng zweet Fuerderung och par rapport zu REACH an dësem Kontext. Wat soll bei REACH gemaach ginn? Mä Lëtzebuerg kann am Moment nëmmen zwou Saache maachen. Lëtzebuerg kéint higoen a soen: „Mir hunn erkannt, datt déi an déi an déi chemesch Substanz, déi am Émlaf ass, déi och kann a Kannerspillsaache sinn, ënner anerem och, déi ass esou geféierlech, mir hätte gären, datt déi direkt op d'Kandidatelëscht gesat gëtt, fir datt d'ECHA, also déi Europäesch Chemikalien-

agentur, déi kann evaluéieren, fir se eventuell ze verbidden oder mindestens se ganz staark ze reduzéieren am Gebrauch.“ Dat misst Lëtzebuerg maachen an deenen nächste Joren. Ech hoffen, datt d'Lëtzebuerger Regierung dat mécht, fir selwer dann d'Initiativ ze ginn.

Huelt eng Substanz wéi Formaldehyd. Déi misst laang verbuede ginn! Et ass zënter 30 Joer bekannt, datt déi esou geféierlech ass. Firwat ass déi nach ëmmer um Marché?

(Interruption)

Gell, also, ech mengen, ech kéint och aner Beispiller hei nennen.

Dat heescht also, och par rapport zu REACH misst d'Lëtzebuerger Regierung vill méi aktiv ginn. An 2013 besteet déi éischte Kéier d'Méiglechkeet, d'REACH-Direktiv insgesamt ze revidéieren; wéi et heescht, eng Revisioun vun där REACH-Direktiv ze maachen. Ech hoffen, datt d'Regierung sech virbereet, datt haauptsächlech déi zustänneg Ministeren - Economie, Environnement a Santé a Verbraucherschutz -, datt déi sech drop virbereeden, datt Lëtzebuerg offensiv Virschléi erabréngt, och fir déi REACH-Direktiv esou ze verbesseren, datt wierklech méi Émwelt- a Gesondheetsschutz a Verbraucherschutz garantéiert ass.

Lëtzebuerg kéint sech dobäi zum Beispill orientéieren un enger Lëscht, déi opgestallt ginn ass. Déi Lëscht heescht SIN-Lëscht. Op där Lëscht, do sinn Experten, Toxikologen an esou virun, déi onofhängeg sinn an déi versicht hunn, eng Prioritéitlëscht opzustellen. Dat sinn 356 Substanzen, déi déi gären hätten, déi missten direkt ënnersicht ginn an evaluéiert ginn, fir eventuell verbuede kënnen ze ginn. Lëtzebuerg bräicht sech nëmmen un där Lëscht ze orientéieren an der eng Partie dorunner eraushuelen, dann hätt Lëtzebuerg eng positiv Roll an där ganzer Saach do gespillt.

Ech kommen domadder zum Schluss. Ech wëll awer och e puer Klenggekeete soen, déi iwwert d'Gesetz erausginn.

Wat kënnen d'Leit dann dobaussen elo maachen? Wat kënn Dir selwer maachen, wann Der engem Kand eppes, eng Spillsaach elo fir d'Feierdeeg eventuell nach wëllt schenken? Bon, et gëtt Gott sei Dank éischt Produzenten um europäesche Marché, déi versiche mindestens, méi a Richtung ze goe vun engem wierkleche Konsumenteschutz, engem gesondheetleche Konsumenteschutz och par rapport zu Kanner. Dat gëtt et. Et gëtt Siten, wou ee sech kann informéieren iwwer esou Produzenten. Et gëtt och an Tëschenzäit Sigelen, déi eng gewësse gréisser Sécherheet ubidden, net nëmme sougenannten ekologesch Spillsaacheproduzenten, och anerer, déi net onbedéngt ekologescher sinn.

Et gëtt der eng Partie; et gëtt beispillsweis als Sigel de Sigel GS, dat heescht „geprüfte Sicherheit“. Et gëtt LGA, dat steet fir „tested global quality“. Et gëtt Öko-Tex, dat ass fir haauptsächlech Spillsaachen aus Stoff.

► **M. le Président.** - Här Huss, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

(Brouhaha général et hilarité)

► **M. Jean Huss (déi gréng).** - Ech wollt nach just de Leit gutt Tuyaue ginn.

► **M. le Président.** - Da gitt nach schnell dee leschten Tuyau, Här Huss, an da kommt Der zum Schluss!

(Hilarité et interruption)

► **M. Jean Huss (déi gréng).** - Et gëtt nach beispillsweis de Sigel an Däitschland „spiel gut“. An da kënn Der lech informéiere bei Öko-Tex, Der kënn lech informéiere bei „Que Choisir“, bei „60 millions de consommateurs“ an esou virun.

An eppes Interessantes nach: D'Leit sollen einfach emol an de Buttek goen, wou se Spillsaache kafen. An da solle se de Vendeur oder de Propriétaire vun deene Geschäfte oder vum Rayon froen: „Sot eis wann ech gelift, wat fir eng Chemikalien an där Spillsaach do enthalte sinn.“ Laut



der Gesetzgebung vu REACH ass et esou, datt de Verkeefer, den Händler spéitstens no 45 Deeg muss Auskunft ginn, wat fir eng Chemikalien dra sinn.

Wa vill Leit dat maachen an iwwerall nofroen, net nëmme bei Spillsaachen: „Mä sot mer, wat an deenen dote Saache vu Chemikalien enthalen ass?“ -, dann entsteet vläicht e gewëssen Drock op d'Produzenten, well et hänkt jo un de Produzenten dann, déi à la source oppassen, datt net esou Sauereien drakommen.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Huss. Als leschte Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass viles gesot ginn. Ech wëllt nach do e puer Ergänzunge ginn. Fir d'Éischt awer dem Här Bodry villmools Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht.

Et geet hei ëm Grenzwärter. Den Här Bauler huet dat richteg gesot: D'Grenzwärter sinn ze héich a si misste reduzéiert ginn. Trotzdeem, wat d'Grenzwärter ugeet, mir sinn ni esou déif, wéi mer komme kéinten. Well hei geet et... Mir sinn zefridde vläicht, wa mer soen, okay, de Grenzwärter ass vill méi déif, awer dat gëtt u sech net eng méi grouss Garantie, dass mer manner Krankheete kréien.

Firwat? Et si ganz vill Tester gemaach ginn. Ech ginn Iech d'Beispill vun Alkohol. Dir kënnt eng Kéier ganz vill Alkohol drénken, da sidd Der voll den Dag. Een, zwee Deeg sidd Der net gutt drop. Mä wann Dir permanent e bëssen Alkohol drénkt, wéi gesot gëtt, all Dag ee Glas Wäin - bon, et ass net u sech dee Produkt selwer, deen dran ass, mä den Alkohol, deen dran ass, dee schiedegt d'Liewer. Dat heescht, an enger gewësser Zäit, dat ass individuell, ass dee Mënsch awer liewerkrank. Bei ganz klengen Quantitéiten.

► **Une voix.**- Oh!

(**Hilarité**)

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Et deet mer leed, et ass awer esou. Et sinn Experimenten gemaach gi mat Mais, déi hunn dann Zocker kritt, ganz kleng, ganz kleng Quantitéiten Zocker. An do war et dann esou, déi hunn all Dag hir Quantitéit kritt, an do ass eréischt no der véierter Kéier, no der véierter Generatioun sinn do Niewewierkungen opgedaucht an deem Sënn, dass déi Mais vun der véierter Generatioun, déi hunn ugefaange Karies ze kréien an déi hunn hir Zänn verluer. An dunh hu se opgehalet mam Zocker an eréischt no der aachter Generatioun erëm sinn d'Zänn erëm normal zum Virschäi komm. Dat heescht, si hate keng Karies méi an och keng Krankheet méi.

Also, gesitt Der emol, dass ebe ganz kleng Quantitéite kënnen derzou bäidroen, dass eng Krankheet net an engem Mount oder an engem Joer entstoe kann, mä ganz wäit zréck 20, 30 Joer, a vläicht och no enger Schwangerschaft, no zwou Schwangerschaften kann eng Krankheet entstoën, déi eben ze dinn huet mat enger chronischer Vergëftung, déi vun engem Punkt ugaangen ass, wou mir et net méi wëssen.

An duerfir hu mer haut ganz vill Krankheeten. Mir wëssen net, wou d'Kriibs hierkommen. Eng Persoun op dräi ka Kriibs kréien. Mir gesinn ëmmer méi Leit, déi dat kréien. Ëmmer méi chronesch Entzündungen, méi Allergien. An dat ass d'Resultat vun enger chronischer Vergëftung.

Do muss ech warnen, biochemesch ass dat ee ganz anere Prozess. Ech wëll dat gär elo erklären, wat den Här Huss gesot huet, an anere Wieder. Ech mengen, wann Dir ganz kleng Quantitéiten zou Iech huet, wat geschitt? Dat gëtt ofgeschlëckt, et kënnt an de Mo, et kënnt an den Daarm, an do hu mir eng Polizei, dat sinn déi wäiss Bluttkierpercher, déi sensibiliséieren. Dat heescht, mir kréien eng chronesch Entzündung am Daarm, kleng Foyere vun Entzündungen. Zur Folleg huet dat, dass

déi Daarmzotten, déi Hoer, déi mer an den Zellen hunn, an den Daarmzellen, déi gi futti.

An dee Moment ass den Daarm net méi opnahmefäeg fir verschidde Substanzen, wéi Vitaminnen zum Beispill, awer den Daarm léisst aner Substanzen eran, grouss Molekülen, déi u sech net méi verdaut ginn, déi dann dee Moment an d'Zilorganer ginn, ënner anerem och dann d'Haut, d'Longen, de Pankreas, awer och d'Gehir, an do am Gehir hu mer dann e Folgelaf, do ginn d'Rezeptoren, déi ginn dann zerstéiert. A vu dass d'Rezeptoren am Kierper zerstéiert ginn, hu mer dann, wéi bei engem Computer, deen ausfällt, verschidde Organer, déi net méi richteg schaffen.

Dat ass déi ganz grouss Gefor. Do hu mer dann och Kanner, Autisten zum Beispill, do kënne mer och dann elo experimentell beweisen, dass, wann déi eng aner Nahrung kréien, do och déi Symptomer besser ginn. Dat beweist u sech déi toxesch Lag, déi do kann entstoën, wann de Kierper vergëft ass.

Also, wéi gesot, dat mat de Grenzwärter, dat ass schéin a gutt, awer mir mussen drop insistéieren, dass all chemesch Substanz aus de Spillsaachen erauskënnt. Well d'Kanner, déi maache jo näischt anescht wéi upaken a wéi lecken. An dat ass eng chronesch Vergëftung, déi ganz schlëmm ka ginn.

Dat gesot, wëlle mer awer gären déi Direktiv matstëmmen, well et eng Verbesserung ass par rapport zur aner Kéier. A mir soen nach eng Kéier dem Här Bodry Merci.

Villmools Merci, Här President!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Elo kritt d'Wuert den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Dir Dammen an Dir Hären, wann ech deenen eenzelne Virriedner nogelauschert hunn, wier et besser, de Gesundheitsminister géif hei schwätzen.

► **Une voix.**- Jo!

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Ech fille mech hei l'icht iwwerfuert bei der Qualität vu profundem...

(**Interruptions et hilarité**)

Jo, dat hei ass jo l'icht nozevollzéien. Ech huelen un, dass jiddweree vun Iech verstanen huet, wat hei erzielt ginn ass. Elo besonnesch zum Schluss. Mä enfin, dat war profund Wëssen, muss ech soen. An elo awer Blague à part: Bei der Qualitéit vun dem Rapporteur an och de Riedner hire Stellungnahmen, mengen ech, kann ech op eng Rei prinzipiell Froe verzichten.

Et ass sécher, dass mer hei an engem Bërich si vun enger sensibeler Matière. Et ass awer och gradesou sécher, dass hei mer genau an enger Geforenzon sinn, déi mer och op anere Punkten hunn, nämlech, dass de Präis haut an engem Bannemaart ëmmer erëm mat sech bréngt, dass - ech wëll net soen, dass et ëmmer de Fall ass -, mä dass ee sech l'icht lackele léisst eben duerch de Präis, fir aner Saachen ze kafen, an dass „Geiz ist geil“, wéi déi Däitsch dat soen, net noutgedrungen an dëser Matière ubruecht ass.

Ech wëll awer och dem Här Eischen soen, dass d'Fro awer scho beäntwert ass. Mä bei eis ass et esou: Mir ginn den normale Wee. Den Deputéierte gëtt et fir d'Éischt an d'Press an dann un eis. Mä mir ginn en normale Wee. Duerfir, den Här Spautz huet en awer doudsécher schonn. En huet e just wahrscheinlech Iech nach net weiderginn. Mä ech hunn déi Fro beäntwert, déi op een Artikel hin zitt.

Ech wëll dat och net minimiséieren, wat do drasteet. Ech wëll just drop opmierksam maachen, dass et sech do ëm privat Initiativen handelt. Et dierf een net vergiesse, dass all déi Initiativen do, déi Tester maachen, privat Initiative sinn, dass privat Initiativen déi Zertifikatiounen an déi Tester - déi gi jo alleguer bezuelt - maachen, dass déi och e gewësse wirtschaftlechen Interessi hunn. Ech hätt léiwer, mir hätte méi - wéi soll ech soen? - Institutiounen an Autoritéiten, déi dat géife kontrolléieren, déi vläicht net wirtschaftlech organiséiert wieren.

Ech géif et méi normal fannen, wann dat do an den Hänn wier - all déi Kontrollen - vun Autoritéiten, déi net op wirtschaftlecher Basis funktionnéieren. Dovun ofgesinn, mengen ech, hëlt een déi Saachen eescht, net nëmme, well et bei Kanner ass, mä well et sech ëm d'Gesondheet handelt. An et muss ee kucken, wéi een awer mat deenen eenzelnen Normen ëmgeet.

Ech si mer bewosst, dass déi Norm am Moment, déi mer hunn - EN 71 -, dass déi wesentlech méi schlecht ass wéi déi, déi ugewannt gëtt bei „Geprüfte Sicherheit“. Mä wéi gesot, dat eent ass eng privat Norm. Dat anert ass eng Allgemeinnorm, eng Allgemeinnorm, déi an engem Bannemaart awer noutwendeg ass, well hei, mengen ech, kann net jiddweree, oder loosse mer soen all Land seng eege Regeln opstellen. Dat géif en zimlech heillust Duerjenaner ginn. An dat hei ass e Kompromëss. Dat ass sécher.

Mir wäerte plädéieren - duerfir, Är Motioun, Här Bauler, hunn ech kee Problem, fir ze akzeptéieren, well mir zu Bréissel dat bis elo gemaach hunn. A mir wäerten och an Zukunft derfir suergen, dass um Niveau vun deenen Aarbechtsgruppen, déi d'Kommissioun huet, do, wou mir da kënnen iwwerhaupt matschwätzen - well do sinn heiansdo ganz héichwärtig Experten an der Chimie, déi dat do maachen, déi mir guer net hunn, déi mir guer net an deem Mooss hunn -, wäerte mir op alle Fall derfir suergen, dass mir dat ënnerstëtzen, wou déi héchste Grenzwärter fixéiert ginn. An deem Sënn kann ech dat hei akzeptéieren.

Et ass evident, dass, wann d'Direktiv sollt ëmgeännert ginn, mir dat esou schnell wéi méiglech ëmsetzen. Dat hu mer och hei gemaach. De Rapporteur huet dat jo och ënnerstrach.

Ech mengen, fir de Rescht probéiere mir, op deem Niveau, wou mir aktiv sinn - et dierf een net vergiesse, dass deen CE-Label, dee gëllt fir déi ganz Europäesch Unioun an dee kann och an där ganzer Europäescher Unioun kontrolléiert ginn -, mir leeschten eise Baitrag dozou.

Ech muss Iech allerdéngs soen, dass dee Labo, dee mer zu Capellen hunn, u sech e bëssen ënneréquipéiert ass, souwuel en personnel wéi och en matériel. Dat gestinn ech gären zou.

(**Interruption**)

Gestinn ech gären zou. Mir kënnen eis och net op den Niveau vun deenen Däitschen an esou setzen. Mä ech gesinn duerfir zwou Zesummenaarbechte méiglech: nämlech mat däitsche Laboen zesummeschaffen, an dat Zweet ass, och physisch dee Labo op Belval ze lokaliséieren n'ewent de Laboratoire des matériaux.

Ech mengen, mir kënnen net hei am Land zwee verschidde Laboratoires des matériaux funktionnéieren hunn. Mäi Wonsch ass op alle Fall, dass dee Labo vu Capellen vum ILNAS op Belval kënnt an dass en do ugesiedelt gëtt n'ewent deem, dee scho besteet, nämlech deem vum Lippmann, an dass duerch déi Zesummenaarbecht eben eng Verbesserung kann hierkommen. Ech mengen, et muss een net ëmmer eppes Neies maachen; et kann een och h'goen an dat einfach verbesseren.

Ech soen och deene Leit, déi do schaffen, déi et net ëmmer einfach hunn an déi och heiansdo deck Frechheete gemaach kréien, wa se hir Kontrolle maachen, Merci fir hiren Asaz.

Ech sinn och fest iwwerzeegt, dass et hei net fir d'Lescht ass, dass mer déi Spillsaachendirektiv wäerten op de Leescht mussen huelen. Well ech sinn iwwerzeegt, dass se a ganz kuerzer Zäit ëmgeännert gëtt, wéi de Rapporteur dat scho gesot huet.

Fir de Rescht soen ech der Kommissioun fir déi wäertvoll Aarbecht, déi se geleescht huet en mon absence, villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Wirtschaftsminister Jeannot Krecké. Domadder ass d'Diskussion ofgeschloss, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6118 ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen, géint 8 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptz (par M. Marcel Oberweis), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaa, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Carlo Wagner), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(**Négation**)

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Mir hunn dann hei nach eng Motioun, déi entre-temps sechs Ënnerschrëften huet, d'Motioun vum Här André Bauler. Ech hu verstanen, datt den Här Minister mat där Motioun averstanen ass. Den Här Huss hëlt awer nach gär derzou d'Wuert.

► **M. Jean Huss (déi gréng).**- Jo, just kuerz, Här President. Ech mengen, de Problem ass, datt d'Tendenz, also d'allgemeng Stoussrichtung vun der Motioun vum Här Bauler an eng positiv Stoussrichtung geet, well e seet, déi ganz Valeurs limites, also déi ganz Grenzwärter, déi misste réviséiert ginn. Bon, et kann een ënnerschiddlecher Meenung sinn. Bei enger Partie vun deene Substanzen geet et sécherlech duer, wann do d'Grenzwärter verschäerft ginn. Bei enger Rei vun aneren, hunn ech virduen hei erkläert, geet et net eleng ëm eng Grenzwärterverschäerfung, do misst e Verbuet kommen. Mä vu datt se insgesamt awer an eng positiv Richtung geet, duerfir aus deem Grond hu mer se dann awer ënnerstëtzt.

► **M. le Président.**- Gutt, kann ech dann déi Motioun zum Vote stellen?

Vote sur la motion 1

Vote à main levée. Wien ass mat där Motioun d'accord? Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun dësem Haus ze sinn. Domadder wär déi Motioun dann och ugeholl.

Da géif ech d'Wuert ginn dem Här Lucien Thiel fir den Dépôt vun enger Motioun.

2. Dépôt d'une motion par M. Lucien Thiel

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Mir hunn an der Comexbu, an der Kommissioun fir d'Exécution budgétaire eis des Laangen an des Breede mam Projet de loi e-Go a mat deem, wat do vläicht net ëmmer riichtgelaf ass, ausenargesat. Mir hunn e Rapport do gemaach, deen ech déi nächst Woch ka méi detailléiert virstellen. Mir sinn zur Konklusioun komm, datt mer eng Motioun sollte verfaassen, wou mer déi Léieren zéien aus deem, wat mer do festgestallt hunn. An et